Périodique des **LIONS BLEUS** BONNEVOIE a.s.b.l (Affilié à la FNEL) Adresse Postale: B.P. 1026 L-1010 LUXEMBOURG

# WANDROUS ONLINE

34 JOËR WANDROUS

## N° 322 Päischtmount / Broochmount 2009

## mai / juin

scout inside



*Kënnt 11 mol pro Joër eraus / Abonnement 20,00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000*




Chefredakter: **Claude GOERGEN**
Verantwortlech vir den Drock an d'Verschéken: Groupe LBB
email: wandrous.lionsbleus@pt.lu / Tel.: 42 22 20 / Fax.: 42 52 79
http://www.lionsbleus.lu

**Hues du d' WANDROUS net gelies?**™



# Souche Groupecamp

**Leiw Faarwemecher,**
Eis ass d'Faarw ausgaang !Blo, greng , rout, giel, orange, an all dei aaner  Faarwen sin fort ! Ass se geklaut ? Mir, de Comité International de Couleur et du Mixage hun en Verdacht op d'Grootéin- Vollek gehait. Déi Rabauken hun schon virun e puer Joër versicht sech d'Faarwen ënnert den Nool ze raissen ! Kënnt dir eis net hëllefen den Faarwen ërem op d'Spuer ze kommen ? Dann mell dech seier un vir dass mir eist Schnüffler-Elite-Team zesummenstelle kënnen !



**Rendez-vous Scouten an Explorer:** den 23/05/2009 um 9.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg an tiptoper Summeruniform

**Rendez-vous Wëllefcher an Beaver:** den 23/05/2009 um 14.00 Auer op der Gare centrale de Luxembourg an tiptoper Summeruniform.

**Retour:** D'Elteren kommen hir Kanner den 26/05/2009 op d'Campplaz um 16.00 Auer sichen. D'Plaaz gin d'Elteren um Rendez-Vous gewuer.



**Prais:** 40 Euro ze iwwerweisen op den Compte vun den Explorer CCPL LU 49 1111 2324 7361 0000 mam Slogan Paischtcamp+Numm vum Kand. Des sin ze iwwerweisen bis 13. Mee 2009

**Souche:** ass oofgzegin bei dengen Cheffen och bis den 13. Mee 2009

**Material:** Dem Wierder ugepasste Kleeder, Schwammsaachen, Gamelle an 2 Kichendicher, Carrymatt an Schloofsaack, Waasserfest Kleeder an Schung, Wäschsaachen…

Ech ___________________________________________

erlaaben mengem Kand _______________________________



op den Paischtcamp 2009 vum 23-26 Mee 2009 matzegoën
an iwwerweisen d'Suen bis den oofgemaachten Delai.

___________________________________

Ennerschreft vum Elterendeel :



# Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!
Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES!**

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!




**www.viking-adventures.de**

Souche Groupe Souche Groupesortie Saarland



# Lions Bleus goes Saarland



**Moien du Waasserraateleiw,**

Bass du bereet vir en Abenteuer am Ausland ? Mir breeden eis bis an den « Calypso » aus ! Mee den Wee bis dohinner as wait an NAASS ! Dovir brengt är Schwammsaachen mat !
Dest gëtt en Daag deens du ni méi vergiessen wärts. Dovir mell dech séier bei dengen Cheffen un andeems de des Souche oofgëss.

**OPGEPASST !!**

D'Plaatzen sin op 50 Persounen limiteiert an déi éischt si vir. Solange der Vorrat reicht! Mir kommen an Tip-Toper Summeruniforme (daat héscht d'Scoutshierm, Blo Box,) op de Rendz-vous a mir hun och éis Carte d'Identité béi ons. Wann d'Elteren net de Kanner IDCard wëllen matgin, kënnen se déi och engem Chef oofgin.

**Rendez-Vous:** ass den 6 Juni 2009 um 8.10 Auer um P&R Howald an tiptoper Uniform !

**Retour:** as den 6. Juni 2009 um 18.50 Auer um P&R Howald

**Prais:** 5 Euro sin mat op den rendez vous ze brengen, awer wannechglift an engem Schain !

Souche ass oofzegin bis den 13 Mee 2009 bei dengen Chefen. Des gëlt och als Autorisation Parentale vun de Kanner. Hun d´Cheffen keng Souche krut, baste léider gezwongen dohém ze bléiwen!!!!

Souche - souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech ………………………………......................……

erlaaben mengem Kand…………………………......

op d'Groupesortie den 6 Juni 2009 mat zegoen an brengen d'Suen op den Rendezvous mat.

Ech si fräigeschwommen Jo oder Ne



………………………………………..

Ennerschreft

# DVD vum Mount

## den DVD vum Mount

**Aus der Amazon.de-Redaktion**
Sean Penns Filmadaption von Jon Krakauers Bestseller Into the Wild wird durch eine hervorragende Besetzung und eine angemessene Behandlung einer wahren Geschichte vorangetrieben. Emile Hirsch spielt Christopher McCandless, den Spross einer reichen, aber vom Pech verfolgten Familie, der nach seinem Abschluss an der Emory University in Atlanta Anfang der Neunziger Jahre beschließt, alles hinzuschmeißen und sich als “Reisender in Sachen Ästhetik” auf der Suche nach der “ultimativen Freiheit” aufzumachen. Und dabei macht er keine halben Sachen: McCandless spendet seine nicht unbeträchtlichen Ersparnisse wohltätigen Organisationen, verbrennt im wahrsten Sinne des Worten sein verbliebenes Bargeld, ändert seinen Namen in “Alexander Supertramp”, verlässt seine Familie (William Hurt und Marcia Gay Harden als zänkische, ahnungslose Eltern und Jena Malone als seine erstaunte, aber liebevolle Schwester, die als Überstimme einen großen Teil der Hintergrundgeschichte erzählt) und macht sich auf den Weg in Richtung der Wildnis Alaskas, wo er sich vor der Welt verstecken will. In den folgenden zwei Jahren lebt er ein Vagabundenleben, nimmt hin und wieder einen Job an, fährt im Kajak im Grand Canyon nach Mexiko, landet in L.A. in der Gosse und dreht jedem, der sich mit ihm anfreunden will, den Rücken zu (darunter Catherine Keener und Brian Dierker als Hippies mittleren Alters und Hal Holbrook in einer bewegenden Rolle als alternder Witwer, der “Alex” unter seine Fittiche nehmen will). Penn, der Regie führte und das Drehbuch schrieb, wechselt diese Sequenzen ab mit Szenen, die McCandless’ Alaska-Idylle zeigen – wobei sich dies bald als nicht wirklich idyllisch herausstellt. McCandless richtet sich in einem liegengebliebenen Schulbus ein und kommt eine Zeitlang über die Runden, indem er Kleintiere (und einen riesigen Elch) erlegt, Bücher liest und seine existenzialistischen Überlegungen zu Papier bringt. Aber als die harte Realität eines Lebens in der Wildnis einsetzt, merkt er schnell, dass er nicht nur auf die Anforderungen des täglichen Überlebens schlecht vorbereitet ist, sondern dass er auch die Wichtigkeit jener Dinge unterschätzt hat, denen er entkommen wollte: menschlichen Beziehungen. Es wäre einfach, McCandless entweder als wahren Freigeist zu idealisieren, der von den sozialen Bindungen, die uns Andere einschränken, befreit ist oder ihn als hoffnungslos unreifen Naivling abzutun, als Verrückten, dessen Ignoranz gegenüber der praktischen Realität ihn zum Scheitern verurteilt. Into the Wild tut weder das Eine noch das Andere, sondern erzählt dem Zuschauer diese Geschichte auf bewundernswert unsentimentale Art und Weise und überlässt einem so die Entscheidung darüber. —Sam Graham

**Produktbeschreibung**
Nach seinem Collegeabschluss entscheidet sich der 22-jährige Chris, seine bisherige Existenz hinter sich zu lassen. Anstatt an der renommierten Harvard Universität sein Jurastudium zu absolvieren, spendet er alle Ersparnisse, verbrennt sein letztes Bargeld, zerschneidet Kreditkarten und Ausweise. Ohne einen Cent in der Tasche trampt er quer durch die Staaten – Richtung Alaska, in die Wildnis. Unterwegs trifft er auf andere Aussteiger, erfährt menschliche Nähe, schließt Freundschaften. Doch es zieht ihn weiter, bis das Abenteuer in Alaska ein jähes Ende findet...

*D’Buch haten mer an der WANDROUS N° 224 viergestalt, an wi ech den Film gekukt hun wor ech e bessen enttäuscht. Vis-àvis vum Buch wat mer an der WANDROUS N° 224 viergestallt hun, schéngt den*




*Film flach, mat wéineg Déiwgang; gët d’Impressioun dat di wichtechst Déler vum philosophëschen Chris (seng Kontakter mat den Mënschen déi hien op sengem Treck begéint hun) verluer gang sin. Och hun ech fond dat die richteg Natur vun sengem Wé, dén den Chris an sengem jonken an kuerzen Liewen ageschloën huet, net richteg erauskënnt.*
*Natierlech hun ech den “making of” gekukt, an erstaunt festgestalt dat dén mer bal besser gefällt wi den Film selwer, an hun och verstan dat et bal onméiglech wor dëst komplext Material esou an en kuerzen Film eranzedrekken. Dat do Informatiounen hun mussen op der Streck bleiwen wor just eng logesch Konsequenz. Wat mech allerdengs erstaunt huet wor dat di ganz Film-Crew an den Interview’en iwwerzécht wor dat dësen Film d’Läit géiw oprësselen, se zum Iwwerleeën géiw urégen, jé esouguer dozou géiw bewegen hiert Liewen ze änneren, ass wi bal ëmmer d’Utopie vun déjéinegen bliwwen di sech iwwert eng laanger Zäit esou engem Projet verschriwwen hun.*
*Dat d’Läit di den Chris begéint haten oder bei dénen hien geschaft hat, an zum Dél net richteg oder iwwerhapt net verstan haten (wann en iwwerhapt ze verstoën wor) beim Film matgeschaft hun ass erstaunlech, an huet am Fall vun den Elteren an der Schwester vielleicht zu enger verbesserter Trauerarbecht bäigedroën.*
*Op den Chris elo net fäheg wor an onser Gesellschaft ze liewen, op hien “gestéiert” wor oder einfach en ganz speziellen Mënsch wor kann ech och elo nach ëmmer net soën, an wärt dat och wuel kaum jé erfassen. D’as einfach schued dat hien sech mat grousser Wahrscheinlechkét iwwerschat an d’Natur ënnerschat hat; ën Fehler dén sengem Liewen en fréizäitegen Enn gesat hat. Et kann awer och sin dat hien an där kuerzer Zäit méi erliewt an méi intensiv geliewt huet wi mir an engem ganz langen, awer vielleicht langweilegen Mënschenliewen*

**Rat** bricoleur

**Kurzbeschreibung**

Wie nahe Grauen und Heiterkeit beisammen liegen, weiß jeder, der schon mal den Auftritt eines Telefonverkäufers, eines Motivationstrainers oder der einschlägigen Radiomoderatoren erlebt und durchlitten hat. Oder dem sich bei der Erinnerung an Schreckensstunden bei Hotlines, Inlandsflügen, Premium Events oder beim Nichteinhalten des Diskretionsabstands die Haare aufstellen.

Robert Griesbeck präsentiert ein Mosaik von typischen Situationen zwischen Wahn und Sinn und zeichnet damit ein ebenso schreckliches wie komisches Bild von den Hirnrissigkeiten unserer Gesellschaft, die so viel Wortgeklingel und jede Menge heißer Luft produziert - aber damit steigen ja bekanntlich die größten Ballons auf.




**Über den Autor**

Robert Griesbeck studierte Grafik-Design, Informationsästhetik und Politologie und arbeitet seit 30 Jahren als Grafiker, Buchherausgeber und Autor. Er hat Kinderbücher, Romane und Sachbücher geschrieben, Zeitschriftenkonzepte entwickelt und war als Chefredakteur für diverse Magazine tätig. Außerdem arbeitet er als stiller Ghostwri-ter und etwas lauteres Trüffelschwein.

**Grauen des Alltag**s

D'as sélen dat ech en Täschenbuch kaafen an d'as nach méi sélen dat ech schon am Geschäft am Buch liesen. Des kéier hun ech béides gemach an hat schon am Geschäft gelaacht. Wat awer am Buch lëschteg ufängt gét lues an lues iwwert nodenklech, bis et vun der halschent vum Buch un an bis zum Schluss bei liicht beängschtegend ukennt.

Den Robert Griesbeck huet sech ons Gesellschaft mol e bessen mi kritesch ugekukt an huet all di Saachen déi d'Wirtschaft dem Verbraucher als positiv, immens an nëtzlech verkeeft emol a Fro gestalt, an d'Motivatioun vun der Wirtschaft hannerfrot. Bewosst ass jidderengem dat kaum én eppes verschenkt, well den Grondgedanken vun der Wirtschaft dén ass vir en Maximum Geld ze maachen. An dofir mussen d'Onkäschten gedréckt gin. Dofir mussen mer haut onsen Benzin selwer zaapen, den Uelegstand selwer kontrolléieren, d'Iessen selwer aus dem Regal an den Caddie leeën, den Caddi manéierlech an seng Rei zereckstellen vir onsen Euro zereck ze kréien, onsen Timber aus dem Automat huelen, engem Apparat onsen Zuchsticket entlakkelen, um Internet ons Rees buchen an esouguer onst Geld aus engem Apparat zéien, an esou weider.

En perséinlecht Beispill well ech méi plattklappen, an zwar ass dat den Besipill mam Online-Banking. Soss hun mer den Virement/Versement op der Bank ofgin an en ass vum Bankepersonal ausgefouert gin. Dofir hun mir mussen stonnenlang an der Rei stoën an ons vun méi oder manner fréndlechem Bankenpersonal zervéieren lossen. Lo ass alles mi einfach : Mir machen während **onser** Zäit, mat **onsem** Stroum, **onsen** Computer un, wielen ons iwwert **ons** Internetverbindung an d'Banque an maachen d'Arbecht . . . .vun der **Banque.** An dobäi ass jiddereen iwwerzécht dat d'Banque et gut man ons mengt. D'Ziel vun der Banque ass et awer dat mir hier Arbecht maachen, si massiv Frais'en spueren, Personnal ofbauen an Filialen zoumaachen kënnen. Wann dann die lescht Bom an den leschten Bop ouni Computer (di bremsen den System nach ëmmer) endlech d'Margréidercher vun ënnen kuken, dann machen se den prakteschen Online-Banking och nach payant . . . . . !

Ech héieren schon elo WANDROUS-Lieser grommelen, an soën dat ech daat alles ze schwarz gesin, mé bon, losst ons nach e puer Joër waarden (wann et esou laang dauert). Nët dat ech prinzipiel eppes géint den Online-Banking hätt, am Géigendél, ech sin glécklech domadder: well ech mer net mi muss Fräi héschen vir därfen op d'Banque ze goën, eng Parkplaz sichen, mech vun granzegem Guichets-Personal uranzen lossen an esou weider. Mé ech sin awer dogéint dat d'Banquen ons well weis maachen dat si daat alles vir hier Clienten maachen! Dat selwecht wärt mat den Zupermarcheeën geschéien wou iergend eng Kéier d'Caissière just nach un 30 Mintuen Waardezäit virun der Caisse erënnert. Och hei gët alles ewech rationalliséiert, an den Verbraucher (di domm Noss) krit et esou verkaf wi wann daat „Dienst am Kunden wier" an dobäi muss dén Dabo ëmmer méi Arbecht vum Zupermarché iwwerhuëlen.

## d'Buch vum Mount

Et ass jo wonnerschéin dat alles mi séier an anscheinend mi einfach gët, mé éischtens gët et vir den Consommateur nët mi bëlleg (éischter mi deier) an et gin ëmmer méi Arbechtsplazen duerch dës Mossnahmen ofgebaut. An virwaat? Ma ganz einfach well déi Läit di d'Geld dra stéchen hun, ëmmer méi Geld wëllen hun, an ganz vergiess hun dat së un sech en modernen Sklavenhandel bedreiwen andém se mat ganzen Firmen an Konzerner nët nëmmen Gebäier mé och Mënschen verhöckeren. Daat si domadder massiv an d'Schicksal vun den Familllen an domadder an d'Gesellschaft agräifen, hun di Läit schon laang vergies, an ech gléwen dat et dénen och schon laang schäissegal ass. D'Haptsaach den Bénéfice stëmmt. Jidderén dén e bëssen méi émanzipéiert wëll gin soll dëst Buch onbedengt kaafen an liesen. Ännert sech domadder eppes? Ech wés dat net, mé op allefall as den Lieser éischter beréd duerch all di Liggen ze kuken an nët mi gewëllt jidderéngem dén en op d'A dréckt an onverschimmt iwwert den Dësch zitt, och nach Merci ze soën. D'as vielleicht Zäit dat d'Aueren emol erëm geriicht gin!

**Rat** bricoleur

## Rapport Activiteit Patrull

**Kerzen Atelier 7/3/09**

Wir hatten in meiner Leadershipversammlung Kerzen aus alten gemacht. Unsere Patrull war fast komplett nur einer war nicht da. Wir hatten die Kerzen erst in kleine Stücke geschnitten. Wir hatten Rote, Orange, Weiâe und ein paar Grüne Kerzen um sie nicht zu vermischen hatten wir für jede Kerzen Farbe eine andere Kiste. Die formen haben wir aus alten Milchkartongs gemacht, in dem wir sie von der mitte schnitten und dann den Wick hinein klebten. Ein Stock verhinderte das der Wick nicht in den Stearin fiel. Wir hatten so ungefähr 8 Formen gemacht. Wir hatten die Kerzen auf einer Pfanne geschmolzen. Wir hatten am meisten Weiße und Rote Kerzen, dafür hatten wir auch Grüne und Blaue Farbtabletten. Wir haben für eine Farbige Kerze eine Farbtablette gebraucht, wir haben aber auch die verschiedenen Kerzen miteinander gemischt um neue Farben zu kriegen. Die Kerzen schmolzen ziemlich schnell auf der Pfanne und wir konnten viele Kerzen machen. Wir haben die Formen auf Zeitungen gelegt und haben das Stearin direkt fon der Pfanne in die Formen laufen lassen. Wir haben zusammen 8 Kerzen gemacht. Zum schluss haben wir noch geputzt. Wir hatten den Patrullenzimmer und die Küche geputzt. Es war einfacher zu putzen weil wir auf Zeitungen arbeiteten. Nach dem putzen waren die Kerzen schon fast abgekühlt. Wenn sie abgekühlt waren mussten wir nur noch die Formen fon den Kerzen entfernen. Alle fanden die Versammelung toll!

Nicolas Piron





Wén get den

**WANDROUS-SPONSOR vum Mount**

Claude Goergen Telephone privat: 42 22 20 / Telephone bureau: 45 50 55 226
email privat: cgoergen@pt.lu / handy privat: 621 132 308

# Ouschterweekend vun den Explorer vum 4.-5. Abrëll 2009 zu Longsdrëff

**Samsteg, dem 4. Abrëll 2009**




Samstes moies, ganz fréi hun ech mech Trappen eroofgeschlach das ech kee wackreg maachen. Do baussen as sech grad d'Sonn duerch den dichten Niwel ze drécken a Fillerchen hun sech um Téléphonsmast niddergeloos a si grad hier schéinsten Téin vu sech zegin. Pünktlech um 8.00 Auer gouf de Moto vum Pajero 3,5 V6 ugeschmass, mat dém ech mech elo Richtung Longsdrëff bewëgen. Zimlech fräi hun ech Medernach errescht a hun gemengt, et kéint een awer direkt elo Messagen verstoppen. Wéi set een, waat gemaat as gemaat. Net ze schwéier hun ech den 1ten Message mat der Kaart op der Gare zu Medernach verstoppt. Elo aus Medernach eraus wollt ech den 2ten Message verstoppe goen. Wou ech de Bierg erop gefuer sin stung op der Rietser Säit e Warndreieck, eent waat jidfreen an sengem Auto sollt hun. As gud, da fuere mer elo e bessen méi lues, knaps ëm Kéier as och schons eng 15m héisch Dënn op Stroos gefall!!! Wat eng!!!! Sou, elo war ech och emol richteg wackreg!!! Also Jongen, das gud das mer héi am Norden sin wëll an der Staatt géif et daat net gin. Ganz schnell sin Motoenseen an den Asatz komm das d'Stroos och erëm hallef fräi war. Béi der Antenne hun ech elo den 2ten Message verstoppt, net ze schwéier wëll d'Messagen waren net all ze licht. Gud, daat wier da emol gemaat. D'Messagen bis op Mëttesplatz hätte mer verstoppt. Den Tameng an ech mir haaten ons um 9.00 Auer zu Longsdrëff rendez-vous gin. Ech haat e klengen retrad, misst nach mat menger Japenesch Mëtsch e klëngen Pit Stop op der Bleesbréck maachen das ech dono och de Marxbierg erop kommen.

Zu Longsdrëff ukomm hu mer mäin Auto stoe geloos an hun ons Richtung Diekrëch gemaat. Voll Motivation wollt den Tameng elo d'Messagen verstoppe goen, huert séch ganz knaschteg Stoppen ausgeduercht an do soot ech ganz drëchen, das ech déi schons laang verstoppt hätt.!!! No enger klenger Pause vun him huert en awer gemengt da kéinte mer jo elo Kaffi drënken goen. Zu Dikrëch hu mer ons béim Fischer installéiert an hun ganz genësslech ons Taas Kaffi mat onsem Ouchterhieschen gud schmache geloos.
An der zweschenzäit hun sech d'Explorer op der Gare getraff a hun sech Richtung Mierch mam Zuch gemaat an dono sollten si den Bus fier op Mdernach huelen. Et schengt wan awer verschidden Léit nach net hier Biergschong unhaaten, an déi wollten am Zuch undoen, an das den Arrêt zu Miersch zimlech schnell do war an sou den Bus fier op Medernach verpasst hun. Eieieiei !!!! Sou kann en et och maachen vir eng direkt Paus am Café ze maachen.
Nom Kaffi si mer mol d'Supermarcheen onsëcher gemach. Am Hofer hu mer baal alles fonnt das mer just missten nach e puer Saachen am Spa missten akkafen goen. Béim Mëtzler do ware mer e bëssen verzwéifelt. E puer Sonnenstrahlen si duer gangen das ganz Lëtzebuerg den Grill aus dem Wanterschlof ausgepackt huert. Tuutenwäiss hun se Fleeesch erausgedroen. Bis den Tameng un dréi kom as war ech schons déi aaner Saachen an den Auto verstauen gangen an daat war och net grad esou éinfach. Et as op déi Richteg Tësseltechnique ukomm. Gud das ech esou eng Formationcontinue schons gemaat hun, wëll sos wës ech net wéi et aus gangen wier. No enger gudder Stonn krute mer och ons Lëtzebuerger Grillwurchen, Merguezen a Mettien. Am Auto hu mer gemengt mir kéinten jo Richtung Explorer fueren, a kucken op d'Messagen schons fort waren. Tip Top, den eischten as fort. De Bieg erop, an e puer Meter aus Medernach eraus hun mer ons Explorer(in) ugetraff. Et war elo 11.40, dir misst dach schons laang den 2ten Message passéiert hun. Do krute mer déi Top Story vum Prunelle a sëngen Schong erzielt an das dat de Grond gewiercht war das si den Bus zu Miersch op der Gare verpasst hun. Naja, all ze Frou ware mer net, mä mir sin jo Flexibel. De Satz „As et nach Wäit" duerft och net fehlen an dén as natirlech vun onsem Frischling Maiti komm. Den Tameng an ech mir hun ons ugekuckt an ech mengen mir hun allenzwee daat nämlech geduercht. Natirlech hu mer ons Explorer motivéiert a sooten hinnen das den zweeten Message net méi all ze wäit fier. Mir haaten hinnen just e klengen Tip gin, si sollten net vergiesen Léit ze froen. Do haat de Lex schons alles verstaan an dém huert et schons gegraut. Mir sin elo bei de Chalet gefuer vir do ons Saachen auszeluerden sou wéi och de Schlëssel sichen ze goen. D'Fra déi gérance vum Chalet mëscht war ganz féin an huert ons Blann vertraut. Mir waren daat net gewinnt, irgendwéi komesch. Wou mer ons grous, schéin, néi sëlver Materialskëscht opgemaat hun huert sech eng onerwaart Iwerasschung rageschlach. De Juschen aus iergendwéi aus der Fläsch gelaaf. Waat e misère an wéi daat elo alles pëscht. Mir koumen net dalanscht vir alles eraus ze huelen an et enzel oofzemaachen. Gud das d'Sonn do war, an ons béim Botzen ënnerstëtzt huert. D'Zäit as am nu vergangen an do krute mer och schons en Téléphone das d'Explorer elo endlech op der Mëttesplatz ukomm sin. Wou mir op der Mëttesplatz ukomm waren huert d'Kircheklack 14.30 geschloen. D'Bierschong lungen an der Wiss a goufen duerch méi

relax Schong och „Allstar" genannt ersaat. Mir ware schons Frou das jidfereen d'Bierschong während dem Trajet unhaat. De Klappdësch gouf opgericht, d'Iesssachen aus dem Auto geholl a prëtt ware mer fir ze Sangen. Ons cool Damen haate gemëngt si missten net sangen a konnten dofir nach enkéier Sangen. Sou net !!!! D'Jongen hun sech schons béi ons beschwéiert das si net de Message géifen fannen. Dorobs hin huert den Tameng de Message aus der Box gezaubert an do si se nach méi quesch gin a hu gemengt" Wéi solle mir dann de Message fannen wan dir dén nach guer net verstoppt huert". D'Enveloppe gouf op Herz an Nieren ënnersicht an nëmmen net ze schnell opmaachen et kéint jo e puer Grimmlen erausfaalen. Tjo, dom gangen et war just eng Orthophoto vun engem Aussichtspunkt. Mir haaten geduercht si hätten domader méi Problèmer mä si haaten de Punkt zimlech schnell font. Bravo. Um 15.15 hun se sech erëm op de Wee gemaat an hun den 2ten Deel vum Trajet an ugrëff geholl. Mir hun ons Richtung Diekrëch gemaat an hu gemëngt mir missten nach d'Rosi um Bloen Eck besichen goen, daat huaat jo Fréides reouverture. No éisem Acte de Présence si mer nach an de Cactus Hobby gefuer wou den Tameng sëch nach eng Verlängerung kaaft huet déi natirlech och den Owend an den Asatz géif kommen. Lo awer erëm zrëck béi de Chalet wou schons sëhnsüchteg d'Soa ob ons geward huert. Hat war ganz an sëngem Formationsclassuer verdéift an huert ons emol net bemierkt. Gemiddlech hu mer ons Saachen ausgepackt an hun dono ugefangen den Désch fier Kniddlen ze maachen. Ei waat gouf daat eng Sauerei, ne war e witz. Mir hu ganz propper geschafft, sou wéi daat sol sin. Wou daat gemaach war hu mer ugefangen de Schockla ze raspelen das mer dono de Schockla schmelzen, das mer eng homogène Schocklas Masse kréien. Ouuuuuuuuu, daat as an d'Fangeren gangen. Géint 19.00 Auer haate mer dem Lex enkéier ugeruff a hu gefroot wou se dann dru wieren. Zu dém Zäitpunkt waren se grad béim läschte Message ukomm. Tip Top. Mir hun elo ugefangen d'Waasser opzesëtzen fier d'Kniddelen a hun de Schpeck op klënger Flam ugebroden. Vu wäitem hu mer d'Explorer um Marxbierg gesin wéi se ëmmer méi no béi ons komm sin. Sou géint 20.15 sin se ëndlëch ukomm a ware stolz das se alleguerten zesummen ukomm sin. D'Cheffkäsch hun elo zu Dësch geruff an et goufen Hausgemachten Kniddlen mat Spéckgréiwen a sëlvergemachten Äppelkompott. Ech mengen et huert jidferengem geschmach. Dono gouf d'Spull gemach a parallèle gouf schons de Schockola geschmolt vir Schocklasfondue. Nom Spullen as nach d'Obst geschnidden gin. Lues hu mer de warmen Schokola an dem Nandu séi Schockobrunnen geschod an d'Spirale ugeschmass. Et huert sech ën dënne Schocklasfilm ëm de Schocklasbrunnen gebild. No puer Minuten huert de ganzen Sall no Schockola gestonk. D'Mederchen waren net méi ze brëmsen an konnten et net oofwarden daat éischt Stëck Obst ënnert de Schockola ze haalen. Waat gouf daat eng Sauerei, de ganzen Dësch war mat warmen Schockola besaut, béi verschidden Exploretten huert een gemeng si hätten Brong Zänn amplatz vu wäissen. Wou dono jidfereen de Bauch voll mat Schockola haat as eng intressant Diskussion entstannen. Mir wollten souwisou désen Owend eng kleng Diskussionsroun oofhaalen a waren net méi wéi frou das d'Explorer domader ugefangen hun. Dobéi sin Saachen op Tabéit komm déi nét onintressant sin. Den Tameng an d'Soa hun Diskussion geléd an de Lex an ech mir hun probèiert sou gud wéi méiglech de Schockola vum Nandu sëngem Schockobrunnen eroof ze kréien. Géint 23.30 hun d'Explorer sëch prëtt gemach vir an d'Bett. No enger klenger Intervention vum Tameng as och dono direkt geschlof gin. Den Tamneg en ech mir hun nach e klengen Bilan vun Dag gemaat, e zesummen gedronk an hun ons dono och Richtung Dodo bewegt. Waat fir en Dag !!!



**Sonndes, den 5. Abrëll 2009**

Géint 7. Auer hun d'Klacken vun der Kierch déi mecht aus hieren Festschloof gerappt. Zur Erklärung vun de Klacken, mir schloofen an deem aalen Paschtouerhaus daat sie als Chalet ëmtransforméiert hun. Um 8.00 Auer war et daan esou wäit, ech hu meng Penntut verloos, direkt agpackt an hun drobs d'Explorer wackreg gemaat. An der Kichen gouf de Kaffi préparéiert an hun d'Saachen prëtt op den Dësch gestallt vir Kaffi ze drënken. Den Eric an de Lex waraen als eischt op an hun d'Saachen op den Dëscher verdeelt. Prinzessinnen waren nach net um 8.30 um Kaffisdëch do hu mir schons ugefangen mat Sangen. Wéi daat esou as, hun Prinzessinnen rënm nogesongen an hun de Jongen Merci gesoot das si den Dësch vir sie mat gedeckt hun. Nom Kaffi hu mer d'Saachen gespullt vum Moien an hun schons e bëssen ugefangen mat Raumen. Um 10.00 Auer hu mer ons nache eng gud Stonn geholl vir iwert hier Entreprise a Court Therme ze schwetzen wou mer all zesummen no Ideen gesicht hun a probéiert daat Geschwaaten och op Papéier ze kréien. Déi Stonn gouf intensiv geschafft. Dono gouf de Chalet gebotzt a mir hun ons sou lues op de Wee fier op Mëttesplatz gemaat. Et war en härleschen Sonndegmëtteg, et war keng Wollek um Himmel ze gesin. Et gouf vun allen Säiten Holz ugeschleeft vir d'Féier ze maachen. Et dierft jo och keen ze klëng Féier gin, am bëschten e Mënnerféier. Jidfereen sutz ëm d'Féier a huert säin Spiss préparéiert vir de Metti dono domader opzespiessen. Wéi daat jo as, gouf et héi och erëm e puer Schwarz Mettien. No engem gemittlechen Grill hun d'Explorer sëch préparéiert vir zu Sëltz den Bus ze vir dono uschléissend de Zuch op Lëtzebuerger Gare ze huelen. Léider war net jidfereen mat vun der Unitéit mä et war awer e ganz agreablen Weekend enkéier ënnert Explorer.

**Kodiak**

# The Grateful Dead




Musiker haben manchmal die Gabe, prophetische Dinge von sich zu geben. Auf ihrem 71er Studioalbum "Workingman's Dead" besingen The Grateful Dead den Lokomotivführer Casey Jones, der ihnen selbst nicht unähnlich ist, mit den Worten: "Driving that train, high on cocaine, Casey Jones is ready, watch your speed" Und als hätten sie geahnt, dass eine Lok, die einmal ordentlich Feuer im Kessel hat, nur noch schwer zu bremsen sein würde, ergeben sie sich beinahe gelassen in ihr Schicksal: "Trouble ahead, trouble behind, and you know that notion just crossed my mind".

Zu Beginn der 60er in Kalifornien ist das Tempo noch gesetzt. Der Zug gewinnt nur langsam an Fahrt. Jerry Garcia, späterer Gitarrist und Sänger, spielt in lokalen Bluegrass Bands, wo er mit Bob Weir (Gitarre) und Ron "Pigpen" Mckarnan (Keyboards) bekannt wird. Als 1965 noch Bassist Phil Lesh und Drummer Bill Kreutzmann hinzukommen ist das Line-Up perfekt. Allerdings heißen "The Dead" noch The Warlocks und geben im Juli 1965 ihr erstes Konzert.

Als sie kurz darauf auf Ken Kesey treffen, sorgt der für mächtig Dampf auf dem Kessel. In San Francisco geben sie Begleitmusik zu LSD-Happenings, wie sie vor der Kriminalisierung der Droge an der Tagesordnung sind. Und hier beginnt der eigentliche Trip: The Warlocks benennen sich in The Grateful Dead um und verlegen ihren Wohnsitz in eine Kommune mit der Adresse 710 Ashbury Street. Hier leben "The Dead" vor, was nur zwei Jahre später, im sogenannten "Summer Of Love" bereits zum Mythos gerinnen sollte: Love, Peace & Unity. Ihre Konzerte sind noch von der Unschuld getragene bewusstseinserweiternde Reisen in das Flower-Power-Land, was immer mehr treue Fans, "The Deadheads", dazu bewegt, auf den Zug aufzuspringen.

Als 1967 der Hippie-Hype seinem Zenit entgegen schreitet, sind The Grateful Dead ganz vorne dabei. Ihre Konzerte haben ihnen längst einen legendären Ruf eingebracht, den es jetzt auch im Studio zu untermauern gilt. Doch die Anstrengungen von Garcia und Co bleiben in der Halbherzigkeit stecken: das selbstbetitelte Debutalbum, der Nachfolger "Anthem Of The Sun" und auch "Aoxomoxoa" von 1969 floppen alle. So kommt schließlich das Live-Album "Live/Dead" auf den Markt und versöhnt die lechzenden Fans. Hier erleben sie "The Dead" in ihrer ganzen Intensität. Der Platte gelingt es die trippige Stimmung und die epischen, improvisierten Psychedelic-Sounds der Konzerte einzufangen: der Flashback fürs Wohnzimmer.

Mit den beiden Studioalben "Workingman's Dead" und "American Beauty" schlagen "The Dead" zu Beginn der 70er folkige Töne an und schaffen mit "Casey Jones" oder "Uncle John's Band" gar den Sprung in die Radio-Charts. An die Magie ihrer Live-Konzerte reichen die Studioalben jedoch nicht ran. Und so geben "The Dead" live wieder richtig Gas und ihre Fans folgen ihnen in Scharen. 1973 fordert der ständige Dampf im Kessel sein erstes Opfer: Keyboarder Ron "Pigpen" McKernan stirbt an den Folgen jahrelanger Trinkexzesse. "The Dead" hält dies aber nicht lange auf. Mit Keith Godchaux und dessen Frau Donna Jean ist schnell Ersatz gefunden. Die Liaisons währt jedoch nur kurz. Nach mehreren schwachen Alben verlassen Godchaux und seine Frau die Band wieder und "The Dead" konzentrieren sich auf das, was sie seit jeher am besten können: auf Tournee gehen. Mit dabei ist nun Brent Mydland an den Keyboards.

So erspielen sich The Grateful Dead eine neue junge Hörerschaft, die den "Summer Of Love" höchstens aus den Erzählungen ihrer Hippie-Eltern kennt. Trotz der Erfolge fordert der nicht enden wollende Trip seinen Tribut. Keyboarder Mydland stirbt 1990 an einer Überdosis und Sänger Garcia verbringt immer mehr Zeit in Drogenentzugsprogrammen bis er am 9. August 1995 schließlich auf den längsten Trip seines Lebens geht. Der Grateful Dead Zug scheint endgültig vor die Wand gefahren.

Die folgenden Jahre arbeiten die verbleibenden Bandmitglieder an ihrem eigenen Status als Kultband der Hippie-Ära. Zahllose Live-Aufnahmen aus Dick's Picks Archiv versuchen den Geist vergangener Tage zu beschwören. 2002 sind The Grateful Dead dann überraschenderweise wieder auf der Bühne zu sehen. "The Dead" ein endloser Trip, auch im neuen Jahrtausend.

*Virun Joren hat ech d'Chance vir en CD kaafen ze kennen dén remastered gin wor, an zwar vun engem Concert vun Grateful Dead wou se 1972 zu Lëtzebuerg an der Villa Louvigny virun nëmmen e puer Leit en Concert gin hun. Dësen Concert gouf matgeschnidden an dun, joerzengten mi spéit, vun dem Label "Oh-Boy" (gët et net méi, och wann am Internet nach Spueren ze fannen sin) opkaaf, d'Rechter goufen kaaf an dun ass en als offiziellen CD erauskomm; allerdengs an enger stark limitéierter Oplag.*

*D'Jongen mussen iergendwéi duerchenén gewiescht sin well se den Concert ufänken dat se soën dat se weder wissten wivill Auer dat et wier nach wou se wieren mé dat se elo géifen Musek maachen. Den Concert ass awer mémorabel, bëssen rau, mé dat wor eben hieren genre.*

**Rat** bricoleur

Programm Beaver

# de Beaver - Programm



**Mee 2009**

| | | |
|---|---|---|
| 02. | Versammlung | 14:00 - 16:00 Auer |
| 09. | Versammlung | 14:00 - 16:00 Auer |
| 16. | keng Versamlung | Rover weekend fir Cheffen |
| 23. - 26. | Päischtcamp | |
| 30. | *keng Versammlung* | *Vakanz* |

**Juni 2009**

| | | |
|---|---|---|
| 06. | Gruppensortie | |
| 13. | Versammlung | 14:00 - 16:00 Auer |
| 20. | Versammlung | 14:00 - 16:00 Auer |
| 22. | Fackelzuch | |
| 27. | Versammlung | 14:00 - 16:00 Auer |

**Juli 2009**

| | |
|---|---|
| 04. | Léiwen Fest |
| 11. | keng Versammlung |
| 12. | POW-WOW |
| **16.** | **D'SUMMER VAKANZ GEET UN** |

Beaverklack: Paco / Alizée

Programm Meute

# de Meute - Programm



**Mai 2009**

| | | |
|---|---|---|
| 02. | Versammlung | 14:00 - 16:00 Auer |
| 09. | keng Versammlung | |
| 09. - 10. | Sixplo | |
| 16. | Versammlung | 14:00 - 16:00 Auer |
| 23. - 26. | Mee Camp | |
| 30. | keng Versammlung | |

**Juni 2009**

| | | |
|---|---|---|
| 06. | Gruppen sortie | |
| 13. | Versammlung | 14:00 - 16:00 Auer |
| 20. | keng Versammlung | |
| 22. | Faakelzuch + grillen an der Groussgaass | |
| 27. | Versammlung | 14:00 - 16:00 Auer |

**Juli 2009**

| | |
|---|---|
| 04. | Léiwenfest |
| 11. | keng Versammlung |
| 12. | POW-WOW |

deng Meutecheffen: Paul / Charel / Amy

# Programm Troupe

## den Truppen - Programm



**Mai 2009**

| | | |
|---|---|---|
| 02. | Patrouillenversammlung | 14:00 - 16:00 Auer |
| 09. | Truppenversammlung | 14:00 - 16:00 Auer |
| 16.-17. | keng Versammlung | Roverweekend |
| 23. - 26. | Pengschtcamp | |
| 30. | Keng Versammlung | Vakanz |

**Juni 2009**

| | | |
|---|---|---|
| 06. | Gruppensortie | op Saarbrekken |
| 13. | Patrouillenversammlung | 14:00 - 16:00 Auer |
| 20. | keng Versammlung | |
| 22. | Fackelzuch | |
| 27. | Truppenversammlung | 14:00 - 16:00 Auer |

**Juli 2009**

| | |
|---|---|
| 04. | Léiwen-Fiesta |
| 11. | Nuit des Brevêts |
| 12. | Pow-Wow |
| 18.-27. | Misäraqua |

Tamia / Maxi / Gregory / Lex / Sarah

# den Explorer-Rover - Programm



**Mai 2009**

| | | |
|---|---|---|
| 02. | Explorerversammlung | 14:00 - 16:00 Auer |
| 09. | Schaffdag am Home | R.V. 08:00 Auer |
| 16. - 17. | Roverweekend | |
| 23. - 26. | Päischtcamp | ??? |

**Juni 2009**

| | | |
|---|---|---|
| 06. | Gruppensortie op Saarbrécken | |
| 13. | Explorerversammlung | 14:00 - 16:00 Auer |
| 20. | Explorerversammlung | 14:00 - 16:00 Auer |
| 22. | Fackelzuch an Grillen | R.V. 20:45 Käiffer |
| 27. | Explorerversammlung | 14:00 - 16:00 Auer |

**Juli 2009**

| | |
|---|---|
| 04. | Léiwenfest |
| 11. | Nuit des bevêts |
| 12. | POW-WOW |
| 17.-27. | Misãraqua |

## et schengt

01) dat
02) dat
03) dat
04) dat
05) dat
06) dat
07) dat
08) dat
09) dat
10) dat
11) dat
12) dat
13) dat
14) dat
15) dat
16) dat
17) dat
18) dat
19) dat
20) dat

## et schengt net nemmen

01) wéi wann
02) wéi wann
03) wéi wann
04) wéi wann
05) wéi wann
06) wéi wann
07) wéi wann
08) wéi wann
09) wéi wann
10) wéi wann
11) wéi wann
12) wéi wann
13) wéi wann
14) wéi wann
15) wéi wann
16) wéi wann
17) wéi wann
18) wéi wann
19) wéi wann
20) wéi wann

## LES AMIS DES LIONS BLEUS

Melle Meyer Arlette - MM Majerus TIna - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - MM Kremer-Braun - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M. Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane

**D'WANDROUS N°321ass zesummengesatanfortgescheckt gin vun:** Tamia / Kodiak / Lex / Charel / Paul / Rat

**Un der WANDROUS N°322 hun matgeschafft:**
www.amazon.de / John Krakauer / Robert Griesbeck / Rat bricoleur / Nicolas Piron / Mathias Schulze / www.spiegel.de / www.geo.de / Kodiak / Greatful Dead / d'pMaîtrisen vun den Beaver-Meute-Scouten-Explorer / Paco / Maki / Tortue grogneuse

# Programm de WANDROUS - Programm

## Mée '09

| | | |
|---|---|---|
| Fr | 1 | |
| Sa | 2 | Beaver/Meute/Patrull//Explorer |
| So | 3 | |
| Mé | 4 | |
| Dë | 5 | |
| Më | 6 | Permanence |
| Do | 7 | |
| Fr | 8 | |
| Sa | 9 | Beaver/Troupe/SIXPLO fir Sixer<br>Schaffdag Home Explorer |
| So | 10 | SIXPLO fir Wëllef |
| Mé | 11 | |
| Dë | 12 | |
| Më | 13 | Permanence |
| Do | 14 | FNEL-Shop 17:30-19:30 |
| Fr | 15 | |
| Sa | 16 | Rover-Weekend<br>Meute |
| So | 17 | Rover-Weekend |
| Mé | 18 | |
| Dë | 19 | |
| Më | 20 | Permanence |
| Do | 21 | |
| Fr | 22 | WANDROUS EINSENDESCHLUSS |
| Sa | 23 | Päischtcamp |
| So | 24 | Päischtcamp |
| Mé | 25 | Päischtcamp |
| Dë | 26 | Päischtcamp |
| Më | 27 | Permanence |
| Do | 28 | |
| Fr | 29 | **Wandrousredaktiounschluss<br>17:00Auer** |
| Sa | 30 | keng Versammlung |
| So | 31 | |

## Juni '09

| | | |
|---|---|---|
| Mé | 1 | |
| Dë | 2 | |
| Më | 3 | Permanence |
| Do | 4 | Scout-Shop<br>17:30 - 19:30 |
| Fr | 5 | |
| Sa | 6 | Gruppen-Sortie<br>op Saarbrekken |
| So | 7 | |
| Mé | 8 | |
| Dë | 9 | |
| Më | 10 | Permanence |
| Do | 11 | |
| Fr | 12 | |
| Sa | 13 | Beaver/Meute/Patrull |
| So | 14 | |
| Mé | 15 | |
| Dë | 16 | |
| Më | 17 | Permanence |
| Do | 18 | Scout-Shop<br>17:30 - 19:30 |
| Fr | 19 | WANDROUS EINSENDESCHLUSS |
| Sa | 20 | Beaver |
| So | 21 | |
| Mé | 22 | Fackelzuch<br>Grillen |
| Dë | 23 | |
| Më | 24 | Permanence |
| Do | 25 | |
| Fr | 26 | **Wandrousredaktiounschluss<br>17:00Auer** |
| Sa | 27 | Beaver/Meute |
| So | 28 | |
| Mé | 29 | |
| Dë | 30 | |

## Juli '09

| | | |
|---|---|---|
| Më | 1 | Permanence |
| Do | 2 | |
| Fr | 3 | |
| Sa | 4 | LÉIWEN-FIESTA |
| So | 5 | |
| Mé | 6 | |
| Dë | 7 | |
| Më | 8 | Permanence |
| Do | 9 | |
| Fr | 10 | |
| Sa | 11 | keng Versammlung<br>Nuit des Brevêts |
| So | 12 | POW-WOW |
| Mé | 13 | |
| Dë | 14 | |
| Më | 15 | Permanence |
| Do | 16 | |
| Fr | 17 | Misäraqua |
| Sa | 18 | Misäraqua |
| So | 19 | Misäraqua |
| Mé | 20 | Misäraqua |
| Dë | 21 | Misäraqua |
| Më | 22 | Misäraqua |
| Do | 23 | Misäraqua |
| Fr | 24 | Misäraqua |
| Sa | 25 | Misäraqua |
| So | 26 | Misäraqua |
| Mé | 27 | Misäraqua |
| Dë | 28 | |
| Më | 29 | Permanence |
| Do | 30 | |
| Fr | 31 | |






*That's all folks!